N°7956
Entrée le 06.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON zu der parlamentarescher Fro n°7956 vum 3. Mee 2023 vun der honorabeler Deputéierten Francine CLOSENER iwwer dat geplangten EU-Reglement vun der Kommissioun fir géint sexuell Gewalt géint Kanner am Internet virzegoen**

**Wei ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung zu dësem geplangten EU-Reglement?**

Sexuell Gewalt géint Kanner am Internet, ënner anerem pedopornographescht Material an d'Sollicitatioun vu Kanner zu sexuellen Handlungen (de sougenannte *grooming*), mussen mat all méiglechen an effikasse Mëttele bekämpft ginn.

Wann dofir eng Limitatioun vu verschiddene Rechter, ë.a. dem Dateschutz an dem Recht op Privatsphär, noutwenneg ass, muss esou eng Limitatioun den applikabele juristeschen Prinzippien entspriechen. An deem Sënn muss all Limitatioun kloer a per Gesetz bestëmmt sinn, e legitiimt Ziil verfollegen (hei de Schutz vun de Kanner) a proportionnéiert zu dësem Ziil sinn.

Opgrond vun dëse Considerationen hat Lëtzebuerg, esou wéi och aner Memberstaaten, den Avis vum Service juridique vum EU-Conseil bezüglech der Legalitéit vun der sougenannter "Chatkontroll" gefrot, deen eng kritesch Vue op dës Kontroll, wéi se aktuell am geplangte Reglement virgesinn ass huet, well se net präzis genuch am Text formuléiert ass.

Aus dësem Grond recommandéiert de Service juridique vum Conseil eng méi cibléiert Detektioun vu pedopornographeschem Material a Grooming virzegesinn.

Dësen Avis gëtt aktuell am Kader vun den Negociatiounen analyséiert. De Justizministère huet och mat de Justizministeren aus Däitschland, Éisträich, Liechtenstein an der Schwäiz eng Deklaratioun ënnerschriwwen, an der d'Wichtegkeet vun der Noutwennegkeet an der Proportionalitéit vum Agrëff an d'Mënscherechter an de Bedarf u Prezisioun am Text ënnerstrach ass.

Lëtzebuerg, den 5. Juni 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson